N°4523
Entrée le 22.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, den Här Inneminister an den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

D'Hessesch Landeskriminalamt huet rezent virun neie chemesch verännerte *Liquiden* gewarnt, déi ënner Nimm wéi „Görke", „Baller-Liquid" oder „Klatsch-Liquid" fir E-Zigaretten a *Vapes* verkaaft ginn. Si enthalen dacks syntheetesch Cannabinoiden (sougenannt nei psychoaktiv Stoffer, kuerz NPS), déi héich wierksam a séier ofhängeg maache kënnen. An Däitschland goufe scho méi Fäll bekannt, wou Kanner a Jugendlecher nom Konsum hu misse medezinesch behandelt ginn, an engem Fall zu Lahn-Dill ass den Doud vun engem 26 Joer ale Mann méiglecherweis domat verbonnen.

Besonnesch problematesch: Dës Produiten si faarweg a schmaache séisslech, a sinn dofir vu legale *Liquiden* optesch net ze ënnerscheeden. D'Konsumente wëssen dacks net, wat si genau anootmen. Virum Hannergrond vun däser Entwécklung an Däitschland stelle sech och fir Lëtzebuerg wichteg Froen a Saache Preventioun, Iwwerwaachung a rechtlechem Kader.

An deem Kontext géing ech der Madamm Ministesch an den Häre Ministeren follgend Froe stellen:

- Ass der Regierung bekannt, datt esou chemesch verännert *Liquiden* och zu Lëtzebuerg am Ëmlaf sinn?
- Leien der Police grand-ducale oder de Gesondheetsautoritéiten Erkenntnisser iwwer Fäll oder Sécherstellunge vun esou Produiten zu Lëtzebuerg vir?
- Wéi ass de rechtleche Kader fir NPS zu Lëtzebuerg? Fale syntheetesch Cannabinoiden a Liquid-Form ënnert d'Gesetz vum 19. Februar 1973 (Betäubungsmëttelgesetz) oder gëtt et eng spezifesch Basis, z. B. nom Virbild vum däitschen Neue-psychoaktive-Stoffe-Gesetz (NpSG) fir och nei chemesch Varianten ze erfaassen?
- Goufen an de leschte Joren Intoxikatiounen oder medezinesch Noutfäll am Zesummenhang mat syntheetesche Cannabinoiden an E-*Liquiden* registréiert?
- Wéi schätzt d'Regierung de Risiko fir Kanner a Jugendlecher am Zesummenhang mat dëse Produiten an?
- Si spezifesch Sensibiliséierungs- oder Preventiounscampagnen zu dësem Thema geplangt oder schonn ëmgesat ginn?

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

- Wéi ginn d'Schoulen, d'Jugendhaiser an d'Elteren iwwer dës nei Form vum Drogekonsum informéiert?
- Wéi eng Mesurë gi geholl, fir den Handel an d'Verbreedung vun esou *Liquiden* ze bekämpfen?
- Ass eng Kollaboratioun mat den Nopeschlänner (Däitschland, Belsch, Frankräich) am Beräich vum Informatiounsaustausch iwwer NPS-Trends geplangt oder scho bestoend?

Mat déiwem Respekt

Ben Streff

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

**lsap.lu**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, vum Här Inneminister a vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 4523 vum 22. Juli 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Ben Streff.**

*- Ass der Regierung bekannt, datt esou chemesch verännert Liquiden och zu Lëtzebuerg am Ëmlaf sinn?*

Syntheetesch Cannabinoiden an aner nei psychoaktiv Substanzen (NPS) sinn de lëtzebuergeschen Autoritéite bekannt a ginn am Kader vun der kriminalpolizeilecher an toxikologescher Iwwerwaachung observéiert.

Der Police grand-ducale leien aktuell keng Erkenntnisser vir, datt ënnert de Bezeechnungen „Görke“, „Baller-Liquid“ oder „Klatsch-Liquid“ verkaafte E-Liquiden zu Lëtzebuerg am Ëmlaf sinn.

Et gouf och keng Notifikatioun vun esou Produiten un d’Gesondheetsdirektioun am Kader vum obligatoreschen Deklaratiounssystem fir E-Liquiden registréiert (Artikel Art. 4*octies*. vum Tubaksgesetz).

*– Leien der Police grand-ducale oder de Gesondheetsautoritéiten Erkenntnisser iwwer Fäll oder Sécherstellunge vun esou Produiten zu Lëtzebuerg vir?*

Der Police grand-ducale an de Gesondheetsautoritéite leien aktuell keng Erkenntnisser vir, datt esou Produite séchergestallt goufen.

*– Wéi ass de rechtleche Kader fir NPS zu Lëtzebuerg? Fale syntheetesch Cannabinoiden a Liquid-Form ënnert d'Gesetz vum 19. Februar 1973 (Betäubungsmëttelgesetz) oder gëtt et eng spezifesch Basis, z. B. nom Virbild vum däitschen Neue-psychoaktive-Stoffe-Gesetz (NpSG) fir och nei chemesch Varianten ze erfaassen?*

Zu Lëtzebuerg gëtt de rechtleche Kader fir nei psychoaktiv Stoffer (NPS) am Beräich vun de Cannabinoiden net duerch ee spezifescht Gesetz nom däitsche Modell vum Neue-psychoaktive-Stoffe-Gesetz (NpSG) gereegelt, mee virun allem duerch d’modifizéiert Gesetz vum 19. Februar 1973[1], zesumme mat den zoustännege groussherzogleche Reglementer.

Donieft erfaasst dat modifizéiert groussherzoglecht Reglement vum 20. Mäerz 1974[2] ënner anerem d’Famill vun den Tetrahydrocannabinolen an d’« agonistes synthétiques et semi-synthétiques des récepteurs cannabinoïdes », sou datt déi syntheetesch Cannabinoiden, déi dorënner falen, vum existéierende Kader ofgedeckt sinn, onofhängeg vun hirer Presentatiounsform (inklusiv als E-Liquiden).

[1] Loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie
[2] Règlement grand-ducal modifié du 20 mars 1974 concernant certaines substances psychotropes

Dat modifizéiert groussherzoglecht Reglement vum 26. Mäerz 1974[3] ergänzt dëse Kader zousätzlech fir d’Planz Cannabis an hir derivéiert Produiten, mat de gesetzlech virgesinnen Ausnamen.

*– Goufen an de leschte Joren Intoxikatiounen oder medezinesch Noutfäll am Zesummenhang mat syntheetesche Cannabinoiden an E-Liquiden registréiert?*

Déi aktuell verfügbar Donnéeën iwwer medezinesch Urgencen am Zesummenhang mat syntheetesche Cannabinoiden an E-Liquide si limitéiert. Well et sech ëm e relativ neie Phenomeen handelt, erlaben déi aktuell Donnéeën et zu dësem Zäitpunkt net e bestëmmten Trend zu Lëtzebuerg festzestellen.

*– Wéi schätzt d'Regierung de Risiko fir Kanner a Jugendlecher am Zesummenhang mat dëse Produiten an?*

D’Regierung schätzt de Risiko fir Kanner a Jugendlecher am Zesummenhang mat dëse Produiten als héich an. Syntheetesch Cannabinoiden hu generell eng héich Potenz an eng onberechenbar Wierkung, wat de Risiko vu schwéieren akut medezinesche Komplikatiounen (zum Beispill Intoxikatiounen, kardiovaskulär a neuropsychiatresch Noutfäll) besonnesch bei jonke Leit vergréissert[4].

Doriwwer eraus kënnen dës Produiten duerch hir Presentatioun (faarweg, séiss Aromaen) an déi vermeintlecht „legal“ Image d’Attraktivitéit fir Jugendlecher erhéijen an d’Perceptioun vum Risiko bei Kanner, Jugendlecher an Eltere verréngeren.

*– Si spezifesch Sensibiliséierungs- oder Preventiounscampagnen zu dësem Thema geplangt oder schonn ëmgesat ginn?*

D’Gesondheetsdirektioun wäert ab dësem Joer Atelieren iwwer nei Nikotinproduiten an E-Zigaretten organiséieren, an deenen och d’Thematik vun de syntheetesche Cannabinoiden am Zesummenhang mam Vapotage behandelt gëtt. Dës Ateliere riichten sech besonnesch un Eltere vu Jugendlechen an un d’edukativ Personal a ginn zesumme mam CePAS (Centre psycho-social et d’accompagnement scolaire), dem CNAPA (Centre national de prévention des addictions) an der Fondation Cancer organiséiert.

Am Enseignement secondaire besteet zousätzlech eng strukturéiert Approche zur Preventioun vun Ofhängegkeeten an zum Ëmgang mat substanzbezunnene Situatiounen. De “Guide de prévention des addictions aux substances”, dee vum CePAS, der Police grand-ducale an dem Service Sebra vun der Fondation Solina ausgeschafft ginn ass, leet Preventiouns- an Interventiounsmodalitéite fir d’Lycéeë fest.

*– Wéi ginn d'Schoulen, d'Jugendhaiser an d'Elteren iwwer dës nei Form vum Drogekonsum informéiert?*

D’Sensibiliséierung am Beräich Drogepreventioun gëtt duerch verschidde Partner assuréiert, dorënner de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet, d’Police (duerch déi regional Preventiouns’s Servicer), de CNAPA an aner spezialiséiert Acteuren. Am Kader vun der Sensibiliséierungsaarbecht vun der Police an de Schoule ginn d’Kanner, d’Personal an och d’Elteren op Demande iwwert Rauschmëttel wei Alkohol, Tubak

[3] Regalements grand-ducal modifié du 26 mars 1974 établissant la liste des stupéfiants.
[4] Ricci V, Maina G. Clinical and Public Health Challenge of Handling Synthetic Cathinone and Cannabinoid Abuse in Pediatric Care: A Narrative Review. Pediatr Rep. 2025 Feb 8;17(1):19. doi: 10.3390/pediatric17010019. PMID: 39997626; PMCID: PMC11857941.

an och Cannabis opgekläert. D'Sucht gëtt erkläert an de Schwéierpunkt gëtt op d'Gesondheet geluecht. Syntheetesch Cannabinoiden an aner nei psychoaktiv Substanzen (NPS) an E-Zigaretten (Vapen) ginn am Kader vun de Preventiounsinterventiounen altersgerecht thematiséiert an déi wichtegst Informatiounen zu de Gesondheetsrisiken an zur Preventioun gi vermëttelt.

Am Enseignemen secondaire leeft d'Informatioun an d'Sensibiliséierung virun allem iwwer déi besteeënd schoulesch Strukturen a Relaisen, notamment d'Coordinateurs et Coordinatrices Addictions an de Lycéeën, d'Services psycho-sociaux et d'accompagnement scolaires (SePAS) an d'Services socio-éducatifs (SSE). Dës Relaisen erméiglechen eng cibléiert Weiderleedung vun Informatiounen a Preventiounsmaterialien un déi verschidden Acteure vun der Schoulcommunautéit.

Wéinst de rezenten Alerten iwwer syntheetesche Cannabinoiden an d'E-Liquiden, ginn nei Factsheets an aner Preventiounsmaterialien vun der Gesondheetsdirektioun ausgeschafft.

Online-Informatiounsowender iwwert d'Risike vun neien Nikotinproduiten an dem Vapotage, déi sech un d'Eltere riichten, sinn aktuell a Virbereedung a wäerten deemnächst stattfannen. Dobäi ginn och d'Produiten « Görke », « Baller-Liquid » an « Klatsch-Liquid » thématiséiert. Dës Informatiounsowender ginn zesumme mat Expertinnen an Experte vum Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet, vum CePAS, vum CNAPA an der Fondation Cancer organiséiert.

De CePAS ënnerstëtzt als Ressourcenzenter dat edukatiivt a psycho-soziaalt Personal bei der Planung an der Ëmsetzung vu präventive Mesuren, grad ewéi beim fachgerechten Ëmgang mat konkrete Situatiounen. Fir déi zoustänneg Fachleit si Formatiounen, fachlech Austauschméiglechkeeten an, jee no Besoin, eng Begleedung duerch spezialiséiert Servicer virgesinn.

*<u>– Wéi eng Mesurë gi geholl, fir den Handel an d'Verbreedung vun esou Liquiden ze bekämpfen?</u>*

D'Bekämpfung vum Handel an der Verbreedung vun esou Produite geschitt am Kader vun enger enker Zesummenaarbecht tëscht der Gesondheetsdirektioun, der Police grand-ducale, dem Parquet an der Administration des douanes et accises.

D'Police setzt op Sensibiliséierung a Preventioun, agéiert mat Opklärung a verstäerkte Kontrollen am ëffentleche Raum. Etablissementer, déi esou Produite verkafe, gi kontaktéiert an iwwert hier Verantwortung opgekläert iwwert dat nei Tubak-Gesetz dat den 01.01.2026 a Kraaft getrueden ass. Dëst Gesetz erlaabt et de Geschäfter, Jugendlecher am Kader vun der Vente vu legale Produiten (Tubak, Vapes) ob hier Volljäregkeet ze kontrolléieren a Form vun engem "titre d'identité officiel". Am nämmlechte Kader ginn d'Geschäfter iwwert d'Konsequenzen opgekläert, falls se géingt d'Gesetz verstoussen an illegal Produite géife verkafen.

Wéi an der viregter Äntwert beschriwwen, spillt d'Informatioun an d'Sensibiliséierung vun Elteren, Schoulen, Jugendstrukturen an de Fachleit eng wichteg Roll als Preventiouns- a Begleetmesure, fir d'Nofro no esou Produiten ze reduzéieren an d'Identifikatioun vun net konformen oder verdächtege Produkter um Terrain ze vereinfachen.

Fir de Schoulberäich leet de "Guide de prévention des addictions aux substances" déi intern Prozedure fest. Dës Prozeduren erméiglechen de Lycéeën e kloert, kohärent a koordinéiert Virgoen an ergänzen déi kontrollorientéiert Mesuren duerch eng educativ a psycho-sozial Begleedung.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*– Ass eng Kollaboratioun mat den Nopeschlänner (Däitschland, Belsch, Frankräich) am Beräich vum Informatiounsaustausch iwwer NPS-Trends geplangt oder scho bestoend?*

Lëtzebuerg ass an europäesch Netzwierker fir den Informatiounsaustausch iwwer nei psychoaktiv Substanzen an Tendenzen um Drogemaart agebonnen, notamment iwwer den nationale Point focal am Kader vun der EUDA (Agence de l'Union européenne sur les drogues). Donieft besteet eng Kooperatioun tëscht den Douanesautoritéiten an, falls néideg, anere kompetente Servicer op europäeschem Niveau, fir Informatiounen iwwer nei identifizéiert Substanzen an iwwer grenziwwerschreidend Verdeelungsmuster auszetauschen.

Zousätzlech bedeelegt sech Lëtzebuerg aktiv un de Aarbechtsgruppen an dem Austausch tëscht de Memberstaaten an de Servicer vun der Europäescher Kommissioun am Beräich vun den Tubaksproduiten, am Kader vun der Direktiv 2014/40/EU iwwer Tubaksproduiten, déi och elektronesch Zigaretten an E-Liquiden ëmfaasst.

D'Regierung wäert dës Iwwerwaachung an dësen Austausch weiderhin enk suivéieren, besonnesch am Hibléck op rezent Entwécklungen an Däitschland.

Lëtzebuerg, den 10. September 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez